

D'Märchen vum Kukuks-Ê.

Rappt é mir all d'Fiédren aus,
Des klèng Geschicht kömt dach
eraus.

Eng Meis aus âlem Nascht.

D'Märche vum Kuckucks'É.

Et wor emol e sche'ne Bësch,
So' frëndlëch, doftéch, frësch a gréng !
All Fillchen hât gedéckten Dësch :
„Fir méch dé Wùrem, d'Méck as déng.“

Et wor an deser Fulle-Welt
Di allerle'fsten Harmonie ;
Si brauchte jo kén Num, kë Geld !
Si wören d', lëschteg Companie.“

E guden Dág hât dát en Ènn,
Durch — denkt emol ! — e Kukuks-È
Dat he'ch am Nascht lug bei der Dënn.
All Ro', all Gléck wor du entzwé.

Gleich sin all d' Fullen higeflun
Ze kuken ob et wirkléch wo'er ;
De ganze Bësch as duorgezun !
Wàt e Gepips ! wàt eng Opro'er !

Wel kë fun hinnen d' È geluocht,
Do hu si séch mol lang beröden ;
An endléch hu si dù gedüocht ;
„Dát È . . . dát as fu Gott es Gnoden !“

„Am Èchen hei schle'lt onse Kinéck.
„Onst Näschtchen dát get sei Palast.
„Nu schmiért èr Patten an èr Flilék,
„A bréngt schnell Most hiér an och Bast.

„Et gëlt, eng Kre'nchen schnell ze wiéwen
„Mat onsem flécke, klènge Schniéwel ;
„A bis de Prënz erwécht zum Liéwen,
„Do hänke mir si u sei Giéwel.“

— — — — — — — — —

Hei as den Däg, wo' aus der Schuol,
De Fillchen stolz eraus muss gôn.
Dén hirem Follék sei ganzt Wuol
Op sengem schwache Réck soll drôn.

„Et liéf de Prënz!“ gët scho geruff;
De Po'fank peift an d'Loft et hin.
Du trët e Full aus Kinéks Stuff.
A sét: „Et as eng Pëllchen gin!“

E bësjen wornen s'all geduscht.
— Dât as jo wirkléch net ze légnen.
De Kukuk hât hir Sâch verluscht!
Si können d'Klengt lo net entégnen.

Nun as dach schon gemächt seng Kro'n;
De Palais as nei ausstaffe'ert.
Si änne blo's d'Konstitutio'n;
Eng Klëngéchkkét! . . . di ké gene'ert!

De Stätsminister, — e ganz alen, —
Zum Follék sét, mat wicht'ger Minn:
„Dir Fullen, mir kann d'Klengt gefalen.
„Wié wës, we' mir zefridde gin,

„Dât mir et haut, op sengem Kanddaf,
„Erhiéwen op den Herrschertrö'n!
„Wat krite mir mat Prënz mat Landgraf?
„Tyranne' fleicht?! — O di Spezio'n!

„So' bleiwe m ir dach Mëschter hei.
„An ons gehe'ert dëse Bësch!
„Vive ons Prinzess! Mir schwiéren Trei!
„Macht d'Fâklen un fum Ginsterwësch.“

— — — — — — — —

(18 Jör spe'der.)

D'Fle'léken sen him lo gesto's,
Dem Kukuks-n, dem Prënzekand . . .
Et as eng Joffer, sche'n a gro's,
Et mécht d'Gesetz am ganze Land.

Aüs as et mat der Ro' am Bösch.
D'Zefridenhét an d'Gléck si fort.
D'Häptwürt huot eng frech Zort fu Mësch:
Fun dréck'ger Ströss, — friémen Import !

Schnell wär jo all dem opgehollef,
Wär Enégkét wi fre'er Mo'd.
Wann d'Schöf zum Sche'fer mécht de Wollef,
Da kömt et net me' aus der Nu't.

So' och am Bësch: et ko'm als Feind
Fun onser "lëscht'ger Kompanie"
En Dreibond, dén — „fidél vereint,“ —
Sollt sprengen d'Fullekolonie

Den e'schten, wi gesot, sin d'Mëschen;
Si fle'e frech em d'Prënzennascht
As mol e Maufel do z' erwëschen,
Wupp, hu si gleich hién schons erhascht.

D'einheimisch Fullen hun . . . d'Nokuken;
Si sëtzen do gelähmt wi friém; —
De Kap si enert d'Flichten duken,
An denken un hirt „ält dohém.“

— — — — — — — — — — — — —

Dat zwét Ongléck dat de Regim
Fum Kukuks-É dem Bësch huot broocht,
Dat as, dass d'Fullen gin d'Victim
Fun décke Kuoben, Dâg an Nüocht.

Wuol hât de Bësch och Kuoben fre'er;
Mä taktvoll worn dach di mësch't.
An lo! Wât e Gekoaks all Ke'er,
Wann én dem Kuob sei Rot net hëscht.

De Fillchen, kaum der Schuol entsprungen,
Muss bei de Kuob gleich op Besuch.
Do gët hién an eng Kast gezwongan,
Gët agedrôn an d'Kuobebuch.

A le'ert hién mol liésen, schreiwen,
Dann as de Kuob rem gleich zur Hand

Legenden a sei Kap ze dreiwen.
Du àremt, àremt Fullekand!

A wëlt de Fillchen séch bestuoden,
Dann trët hién frun de Kuob rem duor :
„D Här ! Ech si fu Schold beluoden ;
Verzeit mer d'Sen. Bestuod méch muor.“

Andann re'scht dèrf hié mat der Frèchen
Seng Pättchen strècken fir de Rénk ;
En dèrf och nach der Kuobekèchen
(Dem Koschter) hémléch gin a flénk !

A gët de Full en Dág begruowen
Dann dèrf et o'ns de Kuob net gòn.
Soll gléckléch ukommen hién uowen
Muss Kuobgesank an d'Grav hién, drón.

So' go'f de Kuob ganz no an no
E' wichdécht, onen:biérlécht De'er.
Am Bësch as hién eng richtéch Plo.
Et mécht de Fullen keng Plesé'er.

Mä d'Kukuks-È, d'jong Herrscherin,
Di kënt dersonner guor net liéwen ;
De Kuoben d'Macht am Land ze gin,
Dät as hirt Truochten an hirt Striéwen.

Blo's de séng Stëm ofgët fir d'Kuoben,
Dé fënt sei Gléck, dé mécht sei Wé ;
De Aner all sin éfléch Schwùoben !
Si hu keng Gnod beim Kukuks-È . . .

Doduréch go'f am Bësch fil Streid ;
Muonch Fréndshaft di go'f opgele'st.
Favoritissem dé stëft Neid ;
Wàt ongerecht as, dät verdre'st.

Dobei de Kuoben hirt Gestöppels,
Hirt greisslécht Jeitzen, hirt Gehëtz !
Dät wor en Hin- an Hiérgetöppels
Am Parlament, bei all Gesètz.

Et wor am Bësch bâl keng Familjen,
Di net durch d'Hetz Krége'l hätt krit:
Hei wolt eng Fra de Man verdiljen,
Do wor e Pap der Kanner mid;

Am Wirtshaus go'f séch al zerschlön,
Et go'f mam bëschte Frénd eng Breit;
Geschwëster, de' séch lang verdrôn,
Di sôten séch mol hire „fait.“

Jé, nirgens wor et auszehâlen!
De Bësch, de fréer le'f a wârem,
De wor net me' . . . de guden, âlen!
Dât Kukus-E, dé Küobeschwârem.

(1914.)

Nu ko'm fir d'Ongléck voll ze mân,
(Wi wann et net genug scho wär!)
En anre friéme Full erân.
Dé wor nun iveral den Här.

So' go'ng di Säch: et wor gro's Jüogd,
Rondem de Bësch; hart Flënteschëtz
Si lasgeknallt, bâl Dâg an Nuocht;
Et wor wi Donner a wi Bletz.

Du ko'm dèr zarter Prénzejoffer
Eng ellen Angscht. Puor hirer Mëschchen
Firt d'Feld hu scho gepäkt de Kolffer.
Fill Tre'nen huot Si misse wëschchen!

Ni hât hirt Hiérz so' recht geschlön
Mat dém fum âle Fullefolléck.
Den Zo'lât hât si hiér verschlön.
Dât wosst si. — Dât wor d'schwe'er Wollék.

Di al a le'flech Spröch fum Bësch
Di wor hir friém. Dât go'f en Ziddren
Am Prénzennascht; . . . e wârt Gekréisch! . . .
„Ze spe't, séch d'Follék ze verbrid'dren.“

Du fle't jo plëtziéch durch all Bém
E grô'sse Full mat mächt'ge Flechten.
An d'Prünzekand, dât fält frun Dém
Op d'Kne', eng Bitt un Hién ze richten :

,O starken Adler, Majeste't,
,Kukt, wát en Onglék mir passe'ert !
,Bleift Dir bei ons ! Wann Dir hei fle't,
,As kén so' kéng, dén ons ure'ert.“

Ganz deischter, mat fonkelnden An,
Kukt durch de ganze Bësch Hién hin.
Hié sëtzts séng Krallen de'ver án,
A sét : „Du hiérzég Kinégin !

,Wát hâts du Recht, verlôssent Kand,
,Dass Hélfel sdu bei Mir gefrot.
,Trei Wiéchter gin Ech an dei Land,
,A këmpt Gefor, huol hire Rot.

,Mir leit net fill un denge Fullen ;
,E klënge Bëssen me'ch et Mir.
(Dobei dét schrëckléch d'An Hié rullen !)
,Meng Sympathie di gëlt blo's dir.

,A wát Ech me' hei bei dir stin,
,A kuken an déng stôlble An,
,Wát me' an dir Ech d'Rass gesin,
,An dèr séch d'Adlerskanner mân.

,Klék Mir an d'Patt ! Frën se Mir zwé !
,A kémols wârs du kre'e Rauen,
,Dass du, le'ft Kand „sum Kukuks-È,“
,Dem „gro'ssen Adler“ go'fs d'Vetrauen.“

Durop mat brëdem Flichteschlag,
Mat Krëscher, di dem Raubfull égen,
Huot Hién Séch aus dem Bësch gemäch,
Mat Rasslen wi fun dausend Dégen.

All d'Fullen woren wi fu Stén ;
Si hâten séch verkroch an d' Nascht ;

Geziddert hun s'op Flicht a Bēn ;
Fun lérger si se bāl gebascht.

„Wāt gong dāt töpecht Kukuksdēpen,“
So' sôten si mat vollem Rècht,
„Mat onsem Feind eng Frênschaft knöpen ?
„Mam Adler stin mir Fulle schlècht !“

Ir si fun Angscht erkrit séch hâten,
(Suguor d' gro's Kuoben hâten Schrêck)
Du fle't fu friéme Bëscher-Stäten
Eng Fullemass 'ran, an ell Eck.

D'si Seng Zaldöten. Fu Spuorfullsrass,
Sen' all hir Klöen scharf a spîtz !
De kromme Schniéwel huot zerass
No Geiersärt. — Fort ass all Wëtz:

Den ärme Figelcher hirt Léd
As wirkléch net iéch zu beschreiwen.
D'huot ké me' fro' am Bësch geflêt.
D' wor fir se all an d' Grâv ze dreiwen.

Du hu si dänn a lëschter No't
E sche'nt Gebiét beinén verfâsst ;
An d' Figelcher, di blo, di ro't.
Hun émol lëschtech rem gespâsst.

Si hu fun alen Dég geschwât.
Voll Fréd a Fridden an dem Bësch,
Wo' d'Fullen net aus friémer Städt
Séch ugesât un hiren Dësch.

Si hu séch hiérléch all emâremt,
Si hu séch Léft an Trei geschwuor.
Den Himmel huot séch dù erbâremt ;
Eng Aennrong huot hit Sich erfuer :

Et wor an hirer Noperschäft
Op engem Haff e stolzen Hun !
Dât wor e prachtvoll Bild fu Krâft.
All Mëschen sen frun him entflun !

Fu jéhèr wor den Hun e Frënd
Fun all de Fullen aus dem Bësch ;
A ko'm e Jär mat senger Flënt,
Da go'f seng Stëm so' klôr, so' frësch :

„Kikeriki ! et as Gefor !
„Meng le'f gud Frën, huolt iéch an Uocht !“
So wor dât zenter längje Jor.
Den Hun wor emer op der Wuocht.

Fum Bësch as eng Deputatio'n
Eriver op den Haif geflun.
Erécht hu si fir hire Lo'n,
Dass d' Spuorfullen si fortgezun ! . . .

D' Erfahrong huot am Bësch genotzt ;
(Mä d'wor och Le'ergeld ze zuolen !)
Op alle Bém go'f glät gebotzt :
All Spuorfull an all Spatz krüt Suolen !

— — — — — — — — —

A fir dass d' Kukuhs-È och kënftéch
Net me' en domme Stréch kënt spiller,
Do hu se festgeluocht, vernënftéch,
An engem Lid, dât wàt s' all fillen :

(Op d' Weis fun der „Letzeburger Hêmecht,“
oder eng mo' lëschtéch, — no Belieben. —)

„O Du do ëuwen, dem séng Hand
„Durch d'Bëscher d' Fulle lét,
„Behit Du onst sche'nt Bliéderland
„Fu friéme Joch a Léd.

„Du huos an enger donkler Stonn,
„— Et wor wuol aus Versin, — ? —
(Mä d' hât ons bâl kascht d' Freihétssonn,)
„E Kukuks-r ons gin !“

„Kén Dank : Gestank ! dem Nascht um Bâm,
„Dât de' Prenzess gedrôn.
„Dât Ganzt as wi e be'sen Drâm
„Ons op de Mo geschlôn.

„Wi wor dach·soss de Bësch so sche'n !
„Fro' huot all Lid geklénkt !
— — — — — — — — — — — —
„Der Gukuk huol all di friém Te'n !
— — — — — — — — — — — —
„— an och sein E — et sténkt — — !!“
— — — — — — — — — — — —

Dât hei as d'Märchen ganz gené
(Op Pläzen as et wuol net chic !)
Fum Letzeburger Kukuks-È,
Fir d' spe'der Fulle-Republik.